# Der Veiner Schull hir Jéngst ware liichten

Um Weekend vum 1.&2. Februar 2024 huet ee vill kleng Féisercher, faarweg Mutzen a wonnerschéi Lampione gesinn duerch Veianen wuselen. Eis Allerklengst haten sech mat hirem Jabel op de Wee duerch eis Stroosse gemaach an hunn de Leit stolz hir selwer gebastelt Liichtercher gewisen a wann een seng Ouere gutt gespëtzt huet, krut een och nach e klengt Litt gesongen.

No zwee ustrengenden awer flotten Deeg konnten d'Kanner sech iwwert en décke Batz Suen a natierlech iwwert e Weenche voll Séisses freeën.





